MM. Marc Baum et David Wagner.

(Interruption par M. Xavier Bettel)

An ech wär dann och nach frou, wann ech d'Dispens vun lech kréich vum zweete Vott.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6850 betreffend d'Archive vum Service de renseignement. An d'Wuert huet elo direkt de Rapporteur, den Här Eugène Berger.

8. 6850 - Projet de loi portant mise en place d'un statut spécifique pour certaines données à caractère personnel traitées par le Service de renseignement de l'État

Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle

M. Eugène Berger *(DP), rapporteur.-* Merci, Här President. Ech wollt och schonn direkt am Viraus soen, datt ech hoffen, och fir mäin nächste Rapport hei d'Unanimitéit ze kréien, dat wier och ganz flott.

Fir nach eng Kéier de Rapport hei an de Kontext ze setzen: Nodeems mer elo ganz rezent, dat war den 9. Juni, d'Reform vum SREL, dem Service de renseignement, hei am Haus gestëmmt hunn, setze mer dann haut de leschte parlamentareschen Akt vun deem, wat 2013 mat dem Asetze vun enger parlamentarescher Enquêtëkommissioun ugefaangen hat.

Dee Projet de loi, iwwert dee mer haut befannen, setzt eng ganz wichteg Recommandatioun aus dem Ofschlossrapport vun der Commission d'enquête vun 2013 ëm, wou et a mengen Aen ëm ee vun deene sensibelste Punkten am Dossier geet, well hei dach am Mëttelpunkt eng ganz Rei, Honnerten, wann net Dausenden, vun ongescholtene Bierger am Viséier vum SREL stoungen an der Vergaangenheet.

(Interruption)

Et geet hei ëm d'Opschaffe vun engem vun deene systemateschsten Dysfonctionnementer vun dem Geheimdéngscht, dee praktesch net nëmmen iwwer Joren, mä iwwer Jorzéngte Fichen ugeluecht huet mat zum Deel ganz perséinlechen Donnéeë vun de Bierger.

Iwwer Jore goufen hei Bierger am Land observéiert, spezifesch Daten iwwer se gesammelt, well se, dans le sens large, politesch aktiv waren. Dat ware Leit, déi zum Beispill enger Friddensbewegung ugehéiert hunn. Dat ware Biergerinnen a Bierger, déi eventuell an enger Naturschutzorganisatioun, ONG täteg waren. Dat ware Gewerkschaftler. Dat ware Leit, déi an enger bestëmmter politescher Partei e Mandat haten oder aktiv waren. Dat ware vläicht Leit, déi e kritesche Lieserbréif am „Lëtzebuerger Wort" geschriwwen haten an nach vill anerer méi.

An zu kengem Moment waren dat jo awer Bierger, déi iergendeng Gefor fir d'Sécherheet an d'Integritéit vum Land duergestallt hunn. Et gouf also keng Ursaach, och keng legal Basis am Endeffekt, och mat deene fréiere Gesetzer beim SREL, fir esou Bierger ze bespëtzelen.

Ech mengen, et kann een hei näischt guttrieden, näischt schéirieden: Schlussendlech dat, wat gemaach ginn ass vum Geheimdéngscht fréier, dat war, wat een nennt, politesch Bespëtzelung bis hin zu politescher Iwwerwaachung.

An ech mengen, datt d'Ëffentlechkeet iwwerhaapt d'Existenz vun deene sougenannten „SREL-Archiven", wat awer éischter SREL-Fichiere sinn, gewuer gouf, dat war jo d'Resultat och vu pertinenter journalistescher Aarbecht am Kontext vun där sougenannter „SREL-Affär", vun där mer wëssen, datt déi jo ugaangen ass mat där Revelatioun, datt de fréiere Premierminister mat enger Auer ofgehéiert gi war duerch de fréiere Geheimdéngschtchef. An ech mengen, duerfir huet och schlussendlech sech d'Enquêtëkommissioun mat där Problematik beschäftegt an duerfir och dann déi verschidde Recommandatiounen heizou formuléiert.

Ech mengen, déi éischt Recommandatioun vun der Enquêtëkommissioun, déi hu mer jo ëmgesat respektiv eng Rei Recommandatiounen hu mer ëmgesat bei der SREL-Reform. A wat hei méi spezifesch déi Données personnelles ubelaangt, déi Datesammlung, do war eigentlech och eng Recommandatioun am Rapport, an dat war déi, datt se geséchert solle ginn, datt se den Nationalarchive sollen uvertraut ginn, fir datt se virun allem net sollte verluer goen.

Bon, ech mengen, déi zweet Recommandatioun, déi dann zu dësem Kontext war, dat ass eben, datt d'Enquêtëkommissioun gesot huet, et wier wichteg, et wier noutwendeg, datt déi gesammelt Fichen op alle Fall net sollten zerstéiert ginn, op alle Fall net an enger éischter Phas, fir datt een eigentlech kéint dann eng Klassifikatioun, en Inventar maachen a virun allem, datt ee se och kann historesch opschaffen, fir datt se fir historesch, administrativ Zwecker dann herno kënne gebraucht ginn. An ebe fir dëser Recommandatioun nozekommen, ass da vun der Regierung relativ schnell och dëse Projet de loi geschriwwe ginn.

An ech mengen, vun Ufank un ass ee sech bei esou engem Gesetz bewosst, datt een hei sech op engem ganz schmuele Grat beweegt. Engem Grat tëschent den Usprëch vun der Protektioun vun de perséinlechen Donnéeën, dem perséinlechen Dateschutz op där enger Säit, an awer och dem Wonsch an, ech géif emol soen, der Noutwendegkeet vun der historescher Opschaffung vun esou enger ganzer Geschicht, vun esou engem ganzen Evenement.

An, wéi mer wëssen, hu mer jo en Dateschutzgesetz vun 2002, dat eigentlech seet: All perséinlech Donnéeë mussen eigentlech zerstéiert ginn, soubal se net méi gebraucht gi respektiv wa se och illegal erstallt gi sinn. An ech mengen, hei ass dat natierlech kloer de Fall. Dat si Fichen, déi zum gréissten Deel illegal an ouni d'Wësse vun de Leit erstallt gi sinn. An duerfir muss een elo op ee Wee goen, an dee si mer hei gaangen, datt een eigentlech e Projet de loi gemaach huet, wou een eng Derogatioun zu dem Dateschutzgesetz gemaach huet, fir eben da kënnen déi historesch Opschaffung ze maachen.

Mir hunn eis och do inspiréiert. Ech mengen, an Däitschland gëtt et d'Gauck-Behörde, dat ass jo wuel eng vun deene bekanntesten Institutiounen, wann et drëms geet, fir am Kontext vun historescher Opschaffung vu politescher Spionage Erfahrung ze hunn. A mir haten dunn och als Kommissioun décidéiert, fir mam aktuellen Direkter vun der Gauck-Behörde, dem Här Roland Jahn, eng Kéier zesummenzekommen, fir da mat him de Projet ze beschwätze respektiv och seng Vuen anzehuelen, wéi mer kéinte virgoen.

An och de Roland Jahn huet suggeréiert, fir datt een also géif an déi Richtung goe vun enger Démarche d'exception, dat heescht, datt een op alle Fall awer, wann een esou eng Exceptioun zum Dateschutz mécht, dat och soll an engem Gesetz kloermaachen, also op enger gesetzlecher Basis dat géif maachen.

Ech mengen, duerfir ass also och dëse Projet de loi, wou mer dat da festhalen, datt fir déi historesch Opschaffung eng Ausnam gemaach gëtt zu deenen allgemenggültege Regelen. An ech mengen, duerfir war et eis och wichteg, well de Rapport war eigentlech och scho säit praktesch deem Moment, wou mer deen anere Projet vun de Konklusiounen zur Enquêtëkommissioun, d'SREL-Reform, gestëmmt haten, fäerdeg, mä mer haten en op Stand-by gesat, well mer wierklech dann och wollten den Avis vun der Commission nationale pour la protection des données hunn, ier mer géifen awer dann definitiv dem Rapport zoustëmmen. Mir kruten deen Avis och. An ech mengen, dat huet och keng gréisser Problemer du gemaach.

Wat sinn elo déi wichtegst Elementer vun dem Projet de loi?

Eng Haaptfro ass déi, wéi mer dann elo déi historesch Opschaffung organiséieren, wéi déi duerchgefouert gëtt. An d'Regierung huet déi Optioun geholl, fir en Appel de candidatures, fir et emol esou ze formuléieren, ze maachen, fir d'Historiker ze lancéieren, wou dann eigentlech och jiddwer Historiker, deen interesséiert ass, sech ka mellen, ka postuléieren.

Et ass och esou, datt net den definitive Choix vun deenen Historiker, déi ausgewielt ginn, vun der Regierung gemaach gëtt, mä do ass e Comité, also e Comité de sélection et d'évaluation, deen agesat ginn ass, deen dann deen definitive Choix mécht, wou Leit designéiert gi vun der Regierung, mä awer och vun anere Gremien, a wou och - ech mengen, dat ass awer vläicht och wichteg ze erwähnen hei an deem héijen Haus - zwee Deputéierten..., dat heescht, et ass net, datt mir zwee Leit, Experten, designéieren, mä et sinn zwee Deputéierten, déi och dann an dee Comité d'évaluation genannt ginn, fir eben d'Selektioun vun deenen Historiker ze maachen.

Et musse minimum zwee Historiker sinn, also et soll net den Job vun engem eenzege ginn. Et kann awer och e Grupp vun Historiker sinn, déi e spezifesche Projet presentéieren, fir dat dann ze maachen.

An, bon, ech mengen, et ass dann och d'Aarbecht vun deenen Experten, vun deene Wëssenschaftler, fir do dann déi ganz Opaarbechtung ze maachen. Ech mengen, dat, wat d'Finalitéit ass, ass, se sollen erausfannen, dokumentéieren eben, a wat fir engem Mooss tëschent 1960 an 2001, awer och nach vläicht doriwwer eraus, eng gewëss Zort vu Spionage bedriwwe ginn ass, wéi mer se eben do kannt hunn.

Bei där Aarbecht ass am Gesetz och virgesinn, datt d'Historiker sech vun Experte vun den Nationalarchive kënnen ënnerstëtze loossen, well et hei jo och vill ëm Tri vu Fichë geet. An d'Experten, déi sëtzen do dann an den Nationalarchiven. Ech mengen, dat ass och eng Ouverture, déi mer gemaach hunn an déi och vum Statsrot suggeréiert gi war, well en Historiker ass net ëmmer onbedéngt gläichzesetze mat engem Spezialist vum Archivage.

Et ass och virgesinn, datt bei dësen Aarbechten e SREL-Beamten, -mataarbechter kann derbäi sinn. Hie kann op där enger Säit Hëllef och bréngen. An et kéint jo awer sinn, ech weess zwar net, ech hunn ni an déi Fichen eragesinn, datt do vläicht déi eng oder aner klassifizéiert Fiche wier, déi och eventuell op enger legaler Basis gemaach gi wier an déi och dann an där ganzer Prozedur offiziell richteg klassifizéiert wier, datt hien also och do dann eventuell Accès dorobber kéint hunn, well hie jo dann och déi Lizenz huet, fir dat ze maachen.

Ech mengen, wa Mataarbechter vum SREL do kënnen op d'Fichen Zougrëff hunn, déi klassifizéiert wieren, wann et dër nach géife ginn, déi och legal klassifizéiert wieren, da muss dat awer och no dem Prinzip goe vun dem Gesetz vun 2002, datt se musse genau soen, wéini se dat gemaach hunn, firwat se dat gemaach hunn an esou weider.

Ech mengen, dat ass deen ee Punkt, wéi also déi ganz historesch Opaarbechtung organiséiert gëtt, wien dat ka maachen, wien Ableck an d'Fichen huet.

An dann déi aner grouss Fro, an dat ass och, muss ee soen, an der Kommissioun an och doriwwer eraus kontrovers diskutéiert ginn, dat ass: Wat geschitt mat deene Fichen, mat deene Fichë mat den Données personnelles no der historescher Opaarbechtung?

Ech mengen, do sinn d'Meenunge auserneegaangen. Dat ass gaange vun „alles halen" bis eben „alles zerstéieren". An dat ass och dat, wat ech virdru gesot hunn, datt mer hei eben an engem Kontext sinn, wou dat ëmmer esou tëschent deenen zwou Exigenzen natierlech hin an hier ka goen, vun der Protection des données a vun dem awer geschichtleche Wäert, deen déi ganz Fichen hunn.

Ech mengen, a mengen Aen huet de Projet de loi do den Équiliber fonnt tëschent deenen zwou Noutwendegkeeten. Wann déi Aarbecht ofgeschloss ass, gëtt en Ofschlossrapport gemaach. Dee gëtt dann och presentéiert. Et muss een och soen, datt do am Prinzip, wann do e Rapport erauskënnt och mat Beispiller oder wat weess ech, wéi herno déi Aarbecht ausgesäit, eigentlech d'Donnée-personnellë solle gestrach sinn oder net erkenntlech sinn.

Et kënnen awer, wann de Wonsch do ass vun deene Leit, déi concernéiert sinn, wann déi hiren Accord gi respektiv wa se net méi liewen, hir Nofaren, d'Kanner, oder mat deene se nach zum Schluss an engem Stot zesummegelieft hunn, déi d'Autorisatioun ginn, datt do och also awer Nimm nach lisibel oder visibel bleiwen an deem Ofschlossrapport.

Mä, bon, dat heescht, herno huet ee bei de Fichen eigentlech dräi grouss Kategorien. Zum engen huet een da Fichen, déi ee wäert halen, déi dann den Nationalarchiven och uvertraut ginn an déi wierklech beispillhaft sinn, fir och déi geschichtlech Opaarbechtung ze illustréieren. Dat gëtt och d'Méiglechkeet, fir datt eventuell an enger spéiderer Etapp ënner engem anere Bléckwénkel zukünfteg Historiker vläicht nach eng Kéier de Bléck drop werfen.

Da sinn och Fichen, déi eventuell klassifizéiert ware respektiv déi vläicht auslännesche Geheimdéngschter gehéiert hunn an déi da kéinten dem Service de renseignement zréckgefouert ginn, wou se awer géifen dann ënnert déi normal Prozedur falen.

Wéi gesot, ech hunn éischter eng Appréciatioun - et ass awer eng perséinlech -, datt net ganz vill dër Fichen do dra sinn, déi eventuell do kéinten dem SREL restituéiert ginn oder wou nach iergendwéi eng Fiche dra wier, déi nach fir eng aktuell Missioun, Aktioun vum SREL relevant wier. Dat gleewen ech och kaum.

An dann all déi aner Donnéeën, also déi net fir en historeschen - wéi soll ech soen? -, fir d'Geschicht an den Nationalarchiven zréckbehale ginn, déi net bei de SREL ginn, déi ginn dann eben zerstéiert, fir datt mer eben och domat der Exigenz vum Gesetz vun 2002 dann och kënnen entspriechen.

Et ass och virgesinn, Dir wësst, datt en cours de route eng Rei Bierger sech gemellt haten, vun hirem Recht och Gebrauch gemaach hunn, fir ze froen, ob eng Fiche do wier iwwer si, an Ableck ze hunn. Déi Méiglechkeet besteet och nach weider, wann d'Historiker amgaange sinn, dat ze maachen, respektiv wann d'Historiker Fichë kucken, an et louch schonn eng Demande vir vu fréier vun de Leit, da kréie se dat dann och matgedeelt, fir datt se dat da kënne consultéieren.

Ech mengen, dat wieren déi Haaptakzenter vun dësem Gesetz. An, Här President, ech mengen, mat dësem Projet de loi setze mer dann de leschten Deel vun de Recommandatioune vun der Enquêtëkommissioun am Kontext vun den Dysfonctionnementer vum Geheimdéngscht ëm, déi 2013 relevéiert gi waren. An ech hoffen, datt mer domadder och definitiv kënnen en onrüümlecht Kapitel aus der rezenter Geschicht vu Lëtzebuerg ofschléissen.

An ouni de Rapport vun den Historiker ofzewaarden, ass fir mech eng politesch Konklusioun haut awer och scho ganz kloer; dat ass da vläicht eppes, wou ech mer erlaben, iwwer meng Roll als Rapporteur erauszegoen. Ech mengen, wa mer eppes aus der rezenter Geschicht vum Geheimdéngscht solle léieren, dann ass et dat: Politesche Spionage dierf et zu Lëtzebuerg ni méi ginn!

Ech géif dann och heimadder direkt den Accord vu menger Fraktioun abréngen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och dem Rapporteur. An éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler fir d'CSV.

Discussion générale

M. Claude Wiseler *(CSV).-* Merci, Här President. De Rapporteur huet beschriwwen, wat Inhalt war am Detail, an ass och e wéineg op d'Geschicht agaangen. Ech wëll an deene kuerze Wierder, déi ech hei wëll soen, e puer Froen an e puer Problemer prezis opwerfen, déi mer an der Diskussioun haten, wéi mer dat Gesetz hei virbereet hunn a wéi mer driwwer geschwat hunn.

Déi éischt Feststellung ass déi, an déi huet jiddweree gemaach, datt d'Existenz vun dësem Archiv a sengem Back-up net der legaler Situatioun vun haut entsprécht, net der aktueller Gesetzgebung, an notamment dem Gesetz vum 2. August vun 2002 iwwert d'Protection des données personnelles no misst zerstéiert ginn, och misst elo schonn zerstéiert sinn, well d'Durée de conservation, wat d'Durée de conservation légitime vun dësen Donnéeë ka sinn, sécherlech dépasséiert ass, och wann et sech deelweis ëm Donnéeën handelt, déi ënner anerem awer och Donnéeë sinn, fir Clearancen ze ginn, a vun der ANS (veuillez lire: vun der Autorité nationale de sécurité) derbäi waren. Ech wëll dat awer derzou soen zu deem, wat de Rapporteur als Beschreiwung gemaach huet.

D'Enquêtëkommissioun 2013, wéi se déi Diskussioun gefouert huet, huet awer eppes anescht décidéiert. Si huet décidéiert, datt déi Archiven, esou wéi se wären, net géifen zerstéiert ginn, aus deem prezise Grond, well d'Kommissioun wollt, datt eng Conservatioun, eng Klassifikatioun an en Inventaire vun deenen Donnéeë géife gemaach ginn, fir datt ee se duerno zu historeschen an zu administrativen Zwecker kéint gebrauchen. Dat war déizäit an engem méi hëtzege Klima eng Diskussioun, déi awer den Accord vu jiddwerengem fonnt huet an duerno och an deene leschte Méint da vun der Institutiounskommissioun a vun deene Leit, déi sech ëm dësen Dossier bekëmmert hunn, huet missen exekutéiert ginn.

A sécherlech huet sech d'Fro gestallt: Wéi exekutéiere mer dat? An déi éischt Fro, déi sech gestallt huet, och an der Froestellung, déi d'Regierung gemaach huet, dat war: A wat fir e Kader solle mer dat Ganzt setzen? An d'Fro huet sech gestallt: Jo, brauche mer e Gesetz oder brauche mer keent? An d'Äntwert op déi Fro war relativ fréi relativ kloer och: Mir brauchen e Gesetz, aus zwee Grënn. Deen éischte Grond ass, fir emol iwwerhaapt där Décisioun vun der Commission d'enquête eng legal Basis ze ginn.

En Archiv, wat par rapport zu der normaler Gesetzgebung, esou wéi se haut ass, am Fong net méi sollt existéieren, huet missen, fir datt et konnt weider existéieren, e Gesetz kréien, fir dat Weiderbestoen iwwerhaapt ze autoriséieren - éischtens.

An zweetens, natierlech och, wann een an esou Archive schaffe wëllt goen, wann ee se wëllt historesch opaarbechten, well se awer e confidentielle Charakter evidenterweis hunn, kann et och net sinn, datt een d'Aart a Weis, wéi dru geschafft gëtt, d'Konditiounen, wéi vu wiem an ënner wat fir enge Prinzipien déi Aarbecht gemaach gëtt, kéint einfach ministeriell décidéiere loossen.

Do war et fir eis relativ fréi kloer, datt dee Kader nëmme konnt legal gesat ginn an huet och missen iwwer Gesetz extrem prezis gesat ginn, well och wann déi Donnéeën e gewëssenen Alter hunn, esou ass et awer nach ëmmer evident, datt e ganz grousse perséinleche Charakter an deenen eenzelnen Donnéeën ass, déi do conservéiert sinn.

Et ass och eng Diskussioun entstanen, eng gewësse Kontrovers entstanen tëschent zwee Prinzipien, déi eis alleguer extrem wichteg sinn. Wann een décidéiert, datt ee Recherche mécht, wann een décidéiert, datt een u sech déi Archive fir eng historesch Analys opmécht, dann ass een an dësem Fall tëschent zwee gréissere Prinzipie gewiescht.

Deen éischte Prinzip, dat war dee vum Recht vun der Recherche, fir iwwer u sech all déi Donnéeën, déi do sinn, kënnen ze verfügen, fir eng historesch, akademesch Recherche ze maachen. Den Accès also, esou wéi dat bei enger klassescher Recherche ass, misst theoretesch illimitéiert sinn, misst direkt sinn, misst komplett sinn, misst an der Integralitéit sinn, an et misst och duerno, an dat war dee wesentleche Punkt, eng Liberté de publication doraus entstoen, wann een da wëllt all de Prinzipie vun der fräier Recherche gerecht ginn. Dat war op där enger Säit de grousse Prinzip.

Op där anerer Säit war de Prinzip dee vum Recht vun deem Eenzelnen, fir seng perséinlech Donnéeë geschützt ze wëssen. Am Kader vum Gesetz vum 2. August 2002 ass et och kloer, a wat fir engem Kontext dee Schutz sech muss afannen, well do ass prezis definéiert, wéi deen do Typ vun Donnéeën - Données à caractère personnel - däerf conservéiert, traitéiert a gebraucht ginn. An et ass natierlech extrem schwiereg gewiescht, fir e Matenee vun deene Prinzipien och méiglech ze maachen.

Dat ass d'ailleurs eng Diskussioun, déi mer net nëmmen an dësem Text erëmfannen. Mir sinn och amgaangen, an deene ganzen Diskussiounen, déi mer ronderëm d'Neischreiwen, d'Neiproposéiere vun enger Constitutioun amgaange sinn ze maachen, am Fong äänlech Diskussiounen erëmzefannen.

Op där enger Säit hu mer an där Propositioun, déi mer an der Constitutioun elo gemaach hunn, eng sougenannt „Autodeterminatioun" vun den Donnée-personnellen drageschriwwen, wou jiddweree kann décidéieren, wat mat sengen eegenen Donnéeën da sollt geschéien, op där enger Säit.

An op där anerer Säit si mer och elo amgaangen, op Basis vun deenen Diskussiounen, déi de leschte Freideg waren, mat all deene Leit, déi eis Propositiounen erageschéckt hunn, eis lddien ze maachen iwwert d'Liberté académique an d'Fräiheet vun der Recherche, déi méiglecherweis, deemno wéi d'Diskussioune lafen, och emol kéinten eng Introduktioun an eis Constitutioun fannen, wou dann och zwee Prinzipien, déi awer heiansdo kontradiktoresch sinn, constitutionnelle Charakter mat all deene Froe fonnt hunn, déi mer natierlech an dëser Diskussioun, wou mer elo hei sinn, och festgehalen hunn.

De Prinzip, dee sech an dësem Text erëmfënnt, deen ass a verschiddene Punkten ze deklinéieren, déi awer alleguer ënnereneen interagéieren. Deen éischte Punkt, a fir eis war dee wichteg, dat ass, datt mer wëlle beim Droit commun am Prinzip bleiwen. Dat heescht, datt déi gülteg Gesetzgebung iwwert d'Protection des données och a priori applikabel bleift. Éischte Prinzip.

Zweete Prinzip, deen dann derbäigesat ginn ass, dat ass, datt eng legal Basis geschaaft gëtt fir d'Conservatioun an d'Utilisatioun vun deenen heiten Archiven, déi dann och nommément als gesetzlech Ausnam considéréiert ginn an och extrem prezis an der Definitioun beschriwwe sinn, soudatt et sech nu wierklech ëm en extrem restriktiivt Gesetz handelt, wat just op déi Donnéeën ageet an extrem prezis drop ageet, a wou dann och gesot gëtt: Wann déi Ausnam an der Utilisatioun eng Kéier eriwwergeet, da musse mer erëm an den Droit commun zréckfalen.

Deen ee Prinzip an deen anere Prinzip waren eis an dësem Kontext extrem wichteg. An et gëtt och extrem prezis definéiert, wat mat deenen eenzelnen Donnéeën dann däerf gemaach ginn, an dat ass ofhängeg natierlech vum Typ vun den Donnéeën. De Rapporteur huet et beschriwwen: Déi eng, déi sollen un d'Archive-nationalle weidergi ginn, déi en historeschen Hannergrond hunn a wou och wichteg ass, datt ee se historesch hält; déi aner an d'Archive vum Service de renseignement zréckgoen am Fall, wou et sech ëm Donnéeën handelt, déi nach eng operativ Valeur hunn; an déi drëtt zerstéiert ginn, déi, déi net noutwendeg sinn, weder fir dat eent nach fir dat anert, soudatt mer dann erëm am Kader vum Droit commun handelen.

An eisen Ae war dat eng nuancéiert Approche, déi probéiert, zumindest am Text, dee mer elo haut hunn, deem Historeschen op där enger Säit an deem Perséinlechen, der Protektioun vun deem Perséinlechen op där anerer Säit och gesetzlech gerecht ze ginn.

Dat heescht implizitt awer och, datt mer bei zukünftege Sammlunge vun äänlechen Donnéeën déi Regelen - déi am Kader vun dem Gesetz vum SREL, deen d'lescht Woch gestëmmt ginn ass - och an Zukunft extrem prezis mussen anhalen. Dat heescht, d'Zerstéierung vun neie SREL-Archiven, déi ugeluecht ginn, no ganz prezise Kritären, déi nach mussen an de Reglementer definéiert ginn, a wou et och un der Kontrollkommissioun vun der Chamber ass, fir dann ze vérifiéieren, datt déi Kritären, déi do festgesat gi vun der Zerstéierung vun den Donnéeën, och prezis agehale ginn an nächster Zäit. Och dat ass eng Missioun, där d'SREL-Kommissioun oder d'Kontrollkommissioun vum SREL an Zukunft sech muss unhuelen.

Wichteg ass natierlech och gewiescht an deem ganze Kontext, wéi dann déi wëssenschaftlech Exploitatioun vun deenen Donnéeë géif gemaach ginn. Well och do, wann een d'Fräiheet vun der Recherche scho considéréiert, war et kloer, datt awer och am Kader vun der Recherche, dann, wa se gemaach gëtt, dann, wann an d'Archive gekuckt gëtt, et méiglech wär, fir alles domat ze maachen, well et sech ëm privat Donnéeën handelt. An do sinn eng Rei Prinzipien, déi hu missen ugeschwat ginn.

Deen éischte Prinzip, dat war: Wie soll dann iwwerhaapt kënnen eng Recherche an deenen Archive maachen? An do ware verschidde Méiglechkeeten, déi och duerchdiskutéiert gi sinn. Dat Éischt an dat Klassescht, dat wär déi gewiescht, et hätt ee beim Stat een oder zwee Leit agestallt an et hätt een deene gesot, als Employé vum Stat: „Maacht eis elo déi Aarbecht do, maacht eis déi Analys!"

Och do war et wichteg, datt mer net, an eisen Aen, op deen do Wee gaange sinn, well dat wär eng sougenannte staatlech Recherche gewiescht an et hätt am Fong dee Relent gehat, dee mer am Fong net wollten, an zwar, datt et u sech staatlech dann och esou encadréiert gewiescht wär, datt déi Fräiheet vun der Recherche net méi erméiglecht gi wär, well se an e Carcan eragedréckt gi wär, wou et ëmmer hätt kënnen ugezweifelt ginn. Et huet also missen de Kader esou gestallt ginn, datt déi Fräiheet och vu jiddwerengem kéint akzeptéiert ginn.

Déi zweet Méiglechkeet, dat wär et, ganz opzemaachen, esou wéi zum Beispill bei den Archive vum Här Gauck, wou eng ganz Rei Recherchë kënne gemaach ginn. Or, do sinn natierlech och eng ganz Rei Problemer gewiescht. Bei den Archive vum Gauck waren der u sech, déi sollte conservéiert ginn iwwert déi ganz laang Zäit, déi och vun engem Onrechtsstat gesammelt gi waren. Se haten also e ganz anere Charakter.

Och dee Wee, fir déi total opzemaache fir all Typpe vu Recherchen iwwer Joren eraus, huet eis an deem Moment net sënnvoll geschéngt an ass eis als problematesch virkomm, well et sech hei ëm sensibel Donnéeën handelt a well de Stat och an eisen Aen nach ëmmer eng Responsabilitéit hat, fir d'Protektioun vun deenen Donnéeën ze garantéieren.

Duerfir ass eng Zort Zwëschemodell gewielt ginn tëschent der Fräiheet vun der Recherche an der Protektioun vun den Donnéeën, dee sech charakterisiéert, éischtens, duerch en Appell vu Kandidaturen; zweetens duerch eng Équipe vun Experten, déi muss agesat ginn; drëttens duerch e Comité d'évaluation, wou dann och zwee Deputéierten derbäi sinn. Eppes, wat mer am Fong ganz exceptionnellement maachen, well et net normal ass, datt d'Chamber als legislative Pouvoir sech an esou Décisiounen amëscht. Well dat hei awer de Wonsch war vun der Chamber, fir et ze maachen, well et aus enger Commission d'enquête erauskomm ass, wollten, ech mengen, déi meescht Fraktioune sech och där Responsabilitéit net entzéien.

Quitte datt sech déi Fro ëmmer stellt: Fir wie schwätzen dann déi Deputéierten, déi dohinnergaange sinn? Ass dat an hirem perséinlechen Numm? Ass dat am Numm vun der Chamber? Mat wiem schwätze se sech dann of? Eng Rei Froen, déi nach musse geklärt ginn. Mä op jidde Fall ass et elo emol gesetzlech festgehalen.

Och d'Missioune si ganz kloer beschriwwen: natierlech fir d'Éischt e Rapport maachen, deen en historesche Charakter huet, deen awer verbuede krut, d'Donnée-personnellë mat ze integréieren, à moins, datt déi Leit, déi concernéiert sinn, oder hir Familljen, dat expressis verbis erlaben. - E ganz wichtege Punkt an eisen Aen.

Deen zweeten, dat ass, datt se awer net nëmmen e Rapport solle maachen, mä och déi ganz Klassementer, och déi ganz Recensementer vun den Donnéeën, fir dann déi Andeelung an dräi grouss Bléck vun deene verschiddenen Typpe vun Donnéeën, déi een do erëmfënnt, kënnen ze maachen.

An dat Drëtt, dat ass, datt natierlech d'Gesetz och déi noutwendeg Conditions matérielles schaaft, fir datt déi Aarbecht ënner uerdentleche Konditioune ka gemaach ginn.

Déi aner Fro, déi sech nach hannendru gestallt huet, dat ass: Wie soll dann nach Accès zu deenen Donnéeë kréien? Och bei der Gauck-Behörde ass dat relativ oppen a ganz large behandelt ginn, aus deene Grënn, déi ech virdru genannt hunn.

Hei hu sech eng Rei Froe gestallt: Wie kann dann op wat fir eng Donnéeën Accès kréien? An d'Antwert war relativ kloer, huet eis och logesch geschéngt, aus deene Prinzipien, déi ech virdru genannt hunn: Deejéinegen, dee perséinlech concernéiert ass, kann Accès zu senge perséinlechen Donnéeë kréien. Den Accès gëtt also autoriséiert. Jiddweree fir dat, wat hie concernéiert. A wann eng ganz Rei Demanden erakommen, da kënnen déi natierlech och traitéiert ginn.

An déi, déi elo erakomm sinn a wou u sech scho festgehale ginn ass, datt déi eenzel Leit hir Donnéeë kéinte kucken, dat ass am Fong geholl momentan ouni legal Basis gemaach ginn, mä mat dem Accord quasiment vu jiddwerengem. Deem gi mer also momentan, also mat dësem Gesetz, eng legal Basis, déi wichteg ass.

En conlusion zu dësem Text wéilt ech soen, datt dësen Text d'Exekutioun ass vun de Konklusiounen, déi d'Enquêtëkommissioun 2013 gestëmmt huet; datt dësen Text noutwendeg ass, wann ee wëllt déi festgesaten Zilsetzung vun der Enquêtëkommissioun erreechen; datt et ouni propper, kloer a legal Basis net méiglech wär, déi Exploitatioun ze maachen; datt dësen Text, an eisen Aen, sécherlech en Ausnametext ass an datt mer duerno an den Droit commun vun der Conservatioun an der Protektioun vun den Donnéeën zréckfalen; datt, an eisen Aen, dësen Text prezis genuch ass, fir ze garantéieren, datt dës perséinlech Informatioune geschützt bleiwen, och wa Recherche driwwer gemaach gëtt.

Ech wëll just zum Schluss als leschte Saz nach derzoufügen, datt et fir mech wichteg ass, datt et fir eis wichteg ass, datt gekuckt gëtt, datt och an Zukunft dësen Text mat all senge Contrainten a sengem Kader prezis agehale gëtt, an datt en net am Laf vun der Dauer, wéi dat alt heiansdo geet, ëmmer an ëmmer méi Opweechunge kritt, wat d'Protektioun vun den Données personnelles ugeet.

Ech mengen, datt een do an enger Zäit vu Leaksen, déi hei riets a lénks an uewen an ënne geschéien, extrem muss drop oppassen, datt mer de Respekt vun deem, wat mer haut stëmmen, och an deenen nächsten zwee, dräi, véier Joer kënnen anhalen.

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Text.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dem Här Wiseler. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Alex Bodry fir d'LSAP.

M. Alex Bodry *(LSAP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi och schonn de Rapporteur, den Här Berger, et ervirgehuewen huet, ass deen heite Gesetzesprojet eng direkt Folleg vun den Debatten a vun där Enquête ronderëm d'Dysfonctionnementer beim Service de renseignement.

Wann ee sech däerf hei kuerz zréckversetzen an den Dezember 2012, wéi d'Kommissioun déi Enquêtëkommissioun agesat huet, do ass ganz kloer, dass notamment och déi Aktivitéite viséiert waren, déi de Service de renseignement vun 1960 u bis zum Enn vum Kale Krich hat, also déi éischt 30 Joer praktesch vu senger Existenz. Et geet rieds «d'examiner les méthodes opératives du Service de renseignement depuis sa création et d'en vérifier la légalité.»

Et ass also een Element vun deem Rapport vun eisen Enquêten. Déi hu sech also och ëm déi spezifesch Problematik vun der Iwwerwaachung a vun der Uleeung vun enger Kartei am Service de renseignement gedréit, an déi jo och dokumentéieren, mat wat fir enge Methoden eigentlech de Service de renseignement sengerzäit geschafft huet a wat fir eng Aktivitéiten am Viséier vun deem Service de renseignement waren.

Ech deelen net esou séier d'Aschätzung vum CSV-Spriecher, dem Här Wiseler, hei, deen éischter, mengen ech, wollt d'Bild hei zeechnen, dass déi Datei do, oder déi Aktivitéite vum Service vun haut aus gekuckt net de Gesetzer géifen entspriechen.

Ech soen hei ganz kloer, an dat war och feste Bestanddeel vun eise Konklusioune vun eisem Rapport d'enquête, dass et sécher och esou ass, dass schonn deemools déi Uleeung vun där Datei a wichtegen Elementer net den deemolege Gesetzer entsprach huet. Also, kloer gesot: Dat war illegal, wat sengerzäit gemaach ginn ass, méi oder manner mam Seege vun de respektive Statsministeren, déi vun 1960 u bis viru Kuerzem eigentlech d'Responsabilitéit iwwert deen dote Service haten. Quitte, dass se sech vläicht net drëms bekëmmert hunn am Detail, mä dat ka si aus hirer politescher Responsabilitéit hei net eraushuelen.

An ech wëll vläicht och, fir et awer hei nach eng Kéier an Erënnerung ze ruffen, kuerz zitéieren aus dem Rapport vum 5. Juli 2013, also dee virun dräi Joer hei ugeholl ginn ass vun der Enquêtëkommissioun, déi eng Descriptioun e bësse mécht vun där Datei, déi mer elo probéieren, enger neier Bestëmmung eigentlech zouzeféieren a wou mer et wëlle méiglech maachen, dass iwwerhaapt kann eng detailléiert historesch Auswäertung gemaach gi vum Inhalt vun där doter Datei. Wat natierlech mat Stéchprouwen net méiglech ass. Do kritt een eng éischt Impressioun, mä méi wäit konnt een eigentlech net goen. Dat hei gëtt eigentlech déi gesetzlech Grondlag duerfir, dass iwwerhaapt Historiker, Experte sech kënne mat där doter Matière befaassen.

Ech zitéieren aus deem Rapport op Säit 39: «Les milliers de fiches individuelles que contiennent les archives de l'époque démontrent bien que, pendant les décennies de la guerre froide, il était chose courante d'épier les faits et gestes de toutes personnes ou associations soupçonnées d'être un tant soit peu critique face au fonctionnement du gouvernement en place.

De la création du Service de renseignement jusqu'à la chute du mur de Berlin, les activités du Service de renseignement étaient caractérisées par une suspicion générale contre tout mouvement d'opposition ou simplement critique par rapport à l'État. Le cadre légal faible et vague du SREL laissait en outre une large marge de manœuvre à ses collaborateurs. Les anciennes archives témoignent du système d'observations et de filatures mis en place par le Service de renseignement à cette époque. Les fichiers comportent non seulement des rapports détaillés sur les activités de nombreuses associations de la société civile de l'époque, mais aussi une multitude d'informations personnelles sur des citoyens politiquement engagés. On y trouve même des annotations concernant les mouvements des comptes bancaires de certaines personnes. Ceci laisse supposer que la violation du secret bancaire était chose courante.

Ces actes de surveillance et de fichage ne servaient pas uniquement à assurer la protection extérieure du pays. Il s'agissait effectivement en partie d'une observation d'adversaires politiques qui ne représentaient à aucun moment un quelconque risque pour la sécurité publique.», Enn vun dësem Zitat.

An Dir kennt och de berüümte Sproch vum Här Mille a sengem Gespréich mam Statsminister sengerzäit, wat en iwwer seng Auer opgeholl huet: „Do war jo alles, wat net stramm konservativ war, war statsgefäerdend." Also automatesch och am Viséier vum Service de renseignement.

Dat ass déi traureg Realitéit aus där doter Zäit. Déi soll een net beschéinegen. Et soll ee sécherlech och eenzel Elementer vun deem Ganzen net dramatiséieren, well déi Stéchprouwen, déi mer sengerzäit als Enquêtëkommissioun virgeholl hunn, hu gewisen, dass ganz villes fichéiert war, hunn awer och gewisen, dass munch Dossiere sech drop beschränkt hunn, fir u sech eng Rei vun Zeitungsartikelen oder Statute vun Associatiounen erëmzeginn.

Anerer allerdéngs waren och derbäi, wou Mikrofilmer hannendrunhoungen a wou ee gesinn huet, dass déi Leit wierklech observéiert gi si bis an d'Privatliewen eran. Et ass hei scho geschwat gi vun Extraite vu Bankkonten, déi derbäi waren, Fluchticketen an äänleches méi. Dat heescht, an eenzelnen Elementer ass et scho ganz, ganz wäit gaangen. Dat war schonn echte politesche Spionage, deen iwwer Strecken do gefouert ginn ass.

Dat ass d'Realitéit. Do soll een dat net elo versiche klengzerieden. Duerfir ass et och wichteg, dass mer eis als Kollektivitéit eigentlech mat deem dote méi däischteren Aspekt vun där Period in extenso befaassen.

Selwer mengen ech, d'Commission d'enquête war concernéiert mat deenen ale Fichieren, déi am Keller - déi Leit, déi derbäi waren, wëssen dat nach - vun dem aktuelle Service de rensei-

gnement ënnerbruecht waren. Dat ass also en Handfichier gewiescht mat Kartonskäertercher, schéin no alem Muster, a wou heiansdo dann e Mikrofilm drunhoung, deen eng Referenz gemaach huet dann op aner Dokumenter.

Et ass dat, wat mer konnte kucken. Mir hu Stéchprouwe virgeholl. Mir hu virun allem awer och am Januar 2013 décidéiert - och fir ze verhënneren, dass eventuell Preuvë kéinte verschwannen -, dat Ganzt ze versigelen, mat der Hëllef vun der Police judiciaire, déi eis do bäistoung.

Do hat ech dann ëmmer de Privileeg, fir all Kéiers als President erëm eng Kéier derbäi ze sinn, wann et erëm opgemaach ginn ass, fir dass konnten d'Demandë vun de Leit traitéiert ginn, déi ugefrot hunn, ob dann hiren Numm och an deem Fichier wär.

A schlussendlech hu mer och derfir gesuergt, dass kuerz virun der Opléisung vum Parlament - well domadder war d'Versigelaktioun automatesch opgehuewen - och déi ganz al Handarchive séchergestallt sollte ginn an engem speziellen Zëmmer vun den Nationalarchiven, och mat enger spezieller Regelung, wat den Zougang zu deem Zëmmer do ugeet, fir dass also séchergestallt ass, dass elo nach ka weider op deem doten Dokument, op deem dote Fichier geschafft ginn. Dat haaptsächlech, fir also eng historesch Opschaffung vun där ganzer Period vun den Aktivitéite vum Service de renseignement ze maachen.

Ech mengen, et ass och selbstverständlech esou, et ass haut net den Objet, wéi gesot, vun eis, fir op déi politesch Responsabilitéiten anzegoen, mä et stëmmt ee scho friem, dass en fait et awer esou schéngt, dass plus ou moins déi Leit, déi direkt mam Service de renseignement ze dinn haten, woussten, dass esou Archiven do wären. Déi woussten och, dass se déi lescht Joren natierlech net méi aktivéiert ware praktesch. Mä et huet keen Anstalte gemaach, fir iergendeppes domadder unzefänken. Et huet sech wahrscheinlech kee getraut ze soen, si sollen zerstéiert ginn. A wahrscheinlech war d'Hoffnung do, et géif iergendwéini eng Kéier an de Vergiess geroden. Mä dem Här Mille seng Aueraktioun huet derzou gefouert, dass et net an de Vergiess geroden ass. An ech mengen, et ass och richteg, dass mer eis elo konkret domadder beschäftegen.

Wichteg war, dass och séchergestallt war... An eis Dateschutzbestëmmunge si gutt, mengen ech, an där doter Hisiicht. Nach musse mer derfir suergen, dass se och respektéiert ginn. An eisem Dateschutzgesetz, wat mer jo e puermol scho modifizéiert hunn, mä deem seng Grondbasis awer op 2002 zréckgeet, wann ech mech net iren, ass jo och speziell d'Méiglechkeet virgesinn, dass souguer bei Datebanken, déi mat Sécuritéitsfroen ze dinn hunn, de Bierger do d'Méiglechkeet huet, fir en Accès ze kréien. Keen direkten Accès, mä en indirekten Accès duerch eng Spezialkommissioun, déi zesummegesat ass aus dem Procureur général d'État respektiv sengem Vertrieder an zwee Membere vun der nationaler Dateschutzkommissioun: Et ass déi berüümt Ad-hoc-Kommissioun am Artikel 17.2 vum Gesetz iwwert den Dateschutz.

Dat huet och gutt fonctionnéiert. Déi Leit hunn et méiglech gemaach, dass wierklech, wa Bierger Nofroen haten, ob si dann an där doter Kartei wären, dat nogekuckt ginn ass. D'Äntwert ass hinne matgedeelt ginn an och dat, wat iwwer si dra war, konnten déi Leit akucken. Do ass also, mengen ech, wierklech eng propper Aarbecht gemaach gi vun deenen zoustännege Stellen. An eise legale System, wéi mer en hunn, huet och gutt fonctionnéiert.

Ech wëll och soen, dass och an där Zäit vun Enn 2013 bis Mee 2014, also um Héichpunkt praktesch vun där ganzer Diskussioun ronderëm d'Dysfonctionnementer am Service de renseignement an och déi al Handdateien, eng ronn 250 Ufroe vu Bierger gemaach gi sinn. 250 Leit hunn ugefrot, fir Zougang ze kréien zu den Datebanken. An, wéi gesot, deen ass hinnen och da gewäert ginn, quitte dass natierlech net jiddwereen herno an deem Handarchiv dra war, deen ugefrot huet. Mä ech mengen, dat huet awer gutt fonctionnéiert. Et war also eng relativ staark Nofro do, fir gewuer ze ginn, wéi et sech domadder huet.

Wat war d'Envergure eigentlech vun där Kartei, wou mer haut wëllen hei regelen, wat den zukünftegen Accès ugeet? Och do waren am Ufank ganz droleg Zuelen am Gespréich. Ech mengen, et war och de fréieren Direkter, den Här Mille, dee responsabel war fir eng éischt Zuel, déi doruechter gegeeschtert ass. Ech mengen, do war rieds ee Moment vun 300.000 - 300.000! - Fichen, déi do wären.

Ech referéiere mech awer elo op déi Aussoen, déi eis de fréiere Statsminister Juncker hei virun der Enquêtëkommissioun ginn huet, opgrond vun deenen Elementer, déi hien, denken ech, vum Service de renseignement kritt huet, an hie schwätzt do... Ech loossen elo den individuelle Fichier, wat d'Autorité d'habilitation de sécurité ugeet, emol ewech, dat ass en aneren Domän, dat sinn iwwer 6.000 individuell Fichieren, mä dat war all Kéiers verbonne mat iergendenger Prozedur, fir ze kontrolléieren, ob d'Leit d'Clearence kéinte kréien. Mä den eigentlechen Handfichier, wou een dovunner kann ausgoen, dass do an engem gewëssene Mooss och politesch Spionage duerchgefouert ginn ass, dat si 4.168 individuell Fichieren an 2.270 Fichieren iwwer Vereenegungen oder Gesellschaften.

Dat sinn déi Donnéeën, déi eis sengerzäit zur Verfügung gestallt gi sinn. Et bleift, dass dat dote fir dach awer e klengt Land schonn eng beträchtlech Envergure hat, déi et néideg mécht, fir sech nach weider mat deem doten Thema ze beschäftegen.

Wat war d'Recommandatioun vun der Enquêtëkommissioun an hirem schrëftleche Rapport? Do war gesot ginn: Ma den Traitement, de Gebrauch an d'Konservéierung vun där doter aler Datei vum Service de renseignement, dat soll den Nationalarchiven zougefouert ginn. Déi Donnéeë sollen da klassifizéiert ginn an inventoriéiert ginn, fir dass et also méiglech ass, dass mer eng historesch objektiv Opaarbechtung vun den Aktivitéite vum Service de renseignement wärend där ganzer Period vum sougenannte Kale Krich hei kënnen an deenen nächste Joren duerchféieren.

Weider ass gewäerleescht, dat ass och scho vun de Virriedner ervirgestrach ginn, dass all concernéiert Persoune weider Zougang zu hiren eegenen Donnéeën hunn. Do ännert sech also näischt wärend där nächster Zäit, soulaang déi ganz historesch Opschaffung dauert. Et ass jo virgesinn, dass déi soll u sech am Prinzip zwee Joer daueren, an do hunn d'Leit déi dote Méiglechkeet.

Sécherlech hat d'Kommissioun sech déi ganz Operatioun méi schnell a méi einfach juristesch virgestallt an hire Konklusiounen. Et huet sech awer relativ schnell erausgestallt, dass ee mat dem Droit commun, mat eisem Dateschutzgesetz eigentlech kaum virukënnt op deem dote Punkt an dass muss speziell légiféréiert ginn, fir et hei méiglech ze maachen, dass Drëttpersounen op esou Donnéeë kënnen zréckgräifen.

Zemools well et jo Donnéeë sinn, déi eigentlech zu engem gudden Deel illegal gesammelt gi sinn, ouni d'Wëssen natierlech vun deene Persounen, déi betraff sinn. An dann ass et, mengen ech, net esou, dass een einfach kann zouloossen, dass Drëttpersounen, wat och ëmmer hir Absichte sinn, e fräien Zougang zu deenen doten Donnéeën hunn, ouni dass déi betraffe Leit selwer hiren Accord géife ginn, fir dat ze maachen.

Elo hu mer et awer och net esou gesinn, dass mer Dausende vu Leit a Vereenegunge géife fir hiren Accord froen, fir kënnen déi Aarbechten do ze maachen. Dat geet, wéi gesot, bis op 1960 zréck. Et ass ganz schwéier, déi Aarbecht do ze maachen an och an der Proportionalitéit vum Opwand bal net ze considéréieren.

Duerfir ass probéiert ginn, hei op där enger Säit d'Recht op Informatioun ze berücksichtegen, op historesch Opschaffung, wéi gesot, vun där ganzer Aktivitéit vum Service de renseignement - Aktivitéiten, déi jo am Numm vum Stat awer duerchgefouert gi sinn -, an d'Recht natierlech op de Schutz och vun der Privatsphär a vu perséinlechen Donnéeën, dat mer wierklech och musse wuel esou héichhale wéi dat éischt. Et ass also en Ofweie vu gewëssenen Zilsetzungen, Rechter a Fräiheeten, wat mer hei wëlle maachen.

An deen Text, dee schlussendlech zréckbehale ginn ass an dem Regierungsprojet an deen eigentlech an der Philosophie net geännert huet bis zum Schluss, ass deen, dass hei probéiert ginn ass, en Équiliber hierzestellen tëschent deenen zwou Méiglechkeeten, wou besonnesch mer eigentlech ofgewach si vun zwou méi extreme Positiounen, déi een hätt kënnen anhuelen, fir un déi heite Problematik erunzegoen.

Déi éischt extrem Positioun wär gewiescht: Mir halen eis eigentlech un den Droit commun an da mussen en fait all déi illegal gesammelt Donnéeën zerstéiert ginn, kënnen net weider bleiwen. Eng Aktivitéit, déi verbueden ass, déi kann een net nodréiglech erëm eng Kéier legaliséieren iwwer iergendee Wee. Dat wär eigentlech déi ganz strikt Aart a Weis, fir et ze maachen.

Domat wär et natierlech awer onméiglech gewiescht, fir méi en déiwen Ableck an déi Vergaangenheet, an d'Aktivitéite vum Service de renseignement ze kréien, fir ze gesinn, mat wat fir engen Objektiven, mat wat fir enge Methoden eigentlech sengerzäit geschafft ginn ass, wou awer, mengen ech, och en historeschen, en nationalen Intérêt besteet, fir dat erauszefannen.

Déi zweet extrem Positioun wär déi gewiescht: Et wär een total vum allgemengen Dateschutzrecht ofgewach an et hätt ee gesot: „Hei ass fir dëst Land esou eng wichteg Fro, dass mer all Prinzipien, déi mer soss beim Dateschutz héichhalen, ignoréieren a mir maache just de Konträr eigentlech vun deem, wat d'Dateschutzgesetz virschreift, obwuel do illegal Donnéeën dra sinn, obwuel d'Leit näischt dovunner wëssen, dass iwwer si Donnéeë gesammelt ginn." Also, ouni si ze froen, bleift elo dat Ganzt fir all Éiwegkeeten erhalen, dass jiddwereen nach kann an 20, 30, 40 Joer nach eng Kéier op déi dote Punkten zréckkommen."

Mir hu gemengt, dass een déi zwou extrem, duerchaus denkbar a vertriedbar Léisunge sollt hei écartéieren. Et ass probéiert ginn, wéi scho gesot, eng équilibréiert Léisung hei schlussendlech ze proposéieren, nodeem mer och effektiv den... Et war e ganz interessant Gespréich, wat mer an der Kontrollkommissioun vum Service de renseignement hate mam Här Jahn vun der sougenannter „Gauck-Behörde", deen eis och un d'Häerz geluecht huet - e sot: „Wann Der vum Droit commun ofwäicht, musst Der immens gutt Grënn hunn. Déi musse wierklech kloer sinn, dass déi priméiere par rapport zu allen anere Gesiichtspunkten, déi Der normalerweis musst considéréieren."

Mir hu gemengt, dass mer awer elo an enger net vergläichbarer Situatioun wären zu deem, wat de System an der DDR war, dass een also net kéint déi Léisungen, déi fir d'Opschaffung vun der DDR-Vergaangenheet gebraucht gi sinn, hei op Lëtzebuerg applizéieren op deem dote Punkt. Mir sinn also net esou wäit gaangen.

Et ginn elo d'Viraussetzunge geschaaft, dass eng historesch Aarbecht ka gemaach ginn: Déi Historiker, déi kënnen nach zousätzlech op Experten zréckgräifen. Déi Historiker, déi ginn och begleet vun engem Comité d'évaluation, deen, mengen ech, och ganz équilibréiert zesummegesat ginn ass mat zwee Statsvertrieder, zwee Unisproffen an zwee Deputéierten, wat - dat ginn ech gären zou - e bëssen eng partikular Zesummesetzung vun engem Begleetcomité ass.

An dobäi ass et esou, dass déi och u sech awer zäitlech begrenzt sinn. Déi Missiounen, déi Kontrakter sinn eigentlech op zwee Joer begrenzt, an da musse se e finale Rapport, e schrëftleche Rapport presentéieren. An dee Rapport muss och ëffentlech sinn. Dat ass am Gesetz hei ausdrécklech verankert.

Duerno kënnt et dann zu enger Opdeelung vun deenen Donnéeën, wéi se an der Datei haut dra sinn. Déi eng ginn an d'Nationalarchiven, si bleiwen also erhalen. Anerer ginn an d'Archive vum Service de renseignement, well se nach kënne fir déi Aktivitéiten do genotzt ginn doduerjer, dass se haaptsächlech och natierlech de Besëtz si vun auslännesche Geheimdéngschter. An en drëtten Deel wäert da schlussendlech zerstéiert ginn, woumat mer dann eigentlech do méi no erëm eng Kéier beim Droit commun ukomm sinn.

Fir eis als LSAP-Fraktioun ass dat heiten en noutwendegen Text, dee kënnt, fir déi historesch Opaarbechtung, déi mer indispensabel fannen, kënne propper ze maachen. Et ass eng direkt Folleg vun der Enquête iwwert d'Dysfonctionnementer am Service de renseignement. Dat ass also, mengen ech, eng wichteg Etapp, déi mer hei ginn, eng wichteg Konklusioun, déi mer ëmsetze vun eisen Aarbechten an der Enquêtëkommissioun. Duerfir wäerte mer och dat heite Gesetz stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Déi nächst ageschriwwe Riednerin ass d'Madamm Viviane Loschetter fir déi gréng.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Ech denken, datt et scho wichteg an interessant war, datt grad mäi Virriedner hei geschwat huet. Hien ass am Fong geholl en Zäitzeie vun deem, wat an der Enquêtëkommissioun geschwat ginn ass, wat och do offenbaart ginn ass. Eng Raison de plus, fir elo dat Gesetz haut ze stëmmen. Mä ech denken, dee Rappel, dee mer gemaach kritt hu vun engem, deen derbäi war, war schonn impressionnant, well et goufen effektiv erschreckend Découvertë vu systematesche Bespëtzelunge vun der Zivillgesellschaft gemaach a virun allem d'Zréckhale vun enger ganzer Rei vu privaten Donnéeë vun Otto-Jedermann-Bierger a -Biergerin, ouni datt hien oder si iwwerhaapt eng blass Anung dovunner hat.

Eng zimlech grouss Zuel vun enger ganzer Rei vu Bierger a Biergerinnen, déi eigentlech éischter eng Unerkennung verdéngt hätte fir hiren Asaz, meeschtens am Kader vun ONGen oder Gewerkschaften, Associatiounen. Mä eben en zivillen Asaz, deen net ëmmer politesch neutral wor; dat muss een och zouginn. An zu den Zäite vum sougenannte Kale Krich a senger dach awer hysterescher Panik virum „Béisen iwwerall" sinn eng ganz Rei vun dëse Leit séier vum engagéierte Mënsch zum verdächtege potenziellen Terrorist mutéiert.

Et ass schonn immens vill gesot ginn, a vu déi spéit Zäit huet et wierklech och net vill Sënn, fir nach eng Kéier datselwecht ze soen, mä et gëtt awer eng Rëtsch vu Punkten, an ech wäert mech och dorop beschränken, déi immens wichteg si fir déi gréng Fraktioun an déi ech och dann dofir hei wéilt ernimmen.

Eigentlech begréisse mir déi Demande, déi Fuerderung vum Conseil d'État, fir den Intitulé ze änneren, deen och esou vill méi richteg ass an och vill méi zréckgëtt, ëm wat et haut eigentlech geet. Well dëst Gesetz vun haut huet eigentlech als oberst Zil, eng Derogatioun zum Dateschutzgesetz vun 2002 ze maachen.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Et geet hei eigentlech net ëm déi ganz Archive vum SREL, et geet och net ëm Archives historiques, mä et geet ëm Banques de données historiques, a méi prezis ëm Données personnelles.

Et geet och hei net ëm eng grouss an allgemeng historesch Opschaffung, et geet net ëm en Effort collectif de réflexion autour de la question des archives secrètes, wéi et am Rapport steet. Et geet ausschliisslech ëm déi Zäitspan vun 1960 bis 2001. An an dëser Zäitspan geet et ëm eng Datebank, déi de SREL sech op eng illegal Manéier ugeluecht huet. Eng Datebank vun nominativ Kaarten, Fichieren a Mikrofichieren, déi zu der Pabeierkartei gehéieren, souwéi ëm d'Kopie vun dësen Dokumenter.

Mir schafen also mat dësem Gesetz eng Zort Ouverture, fir kënne mat Daten ëmzegoen, wéi et eigentlech soss net erlaabt wier. An dat ass dat, wat ons haut elo hei haaptsächlech beschäftegt.

An dat ass och scho gesot ginn: Et wor mat Sécherheet d'Besuergnis vun der zoustänneger Kommissioun, awer och d'Besuergnis vun der grénger Fraktioun, fir d'Protection des données engersäits an den Droit à la formation anerersäits matenee kompatibel ze maachen. An et ass och drëms gaangen, dëse sensibelen Équiliber ze fannen, well mir grad an esou engem delikaten Domän net den Androck dierfen opkomme loossen, datt mir net wéilten oder net kéinten zur ganzer Opklärung bäidroen. Bon, mir regelen och herno, wat mat deenen Donnéeë geschitt, mat dësen dräi Méiglechkeeten. A mir regelen och, datt mer zum Droit commun zréckkommen.

Et gëtt och geregelt, datt de Rapport final vun den Experte sech och muss un d'Dateschutzgesetz vun 2002 halen. Keng Donnéeë mat perséinlechen Daten dierfen am Rapport ze fanne si respektiv musse geschwäerzt ginn. An och den Avis vun der CNPD ass doranner méi wéi kloer.

Fir ons ass et awer... Oder éischter ëmgedréit: Mir hunn den Droit d'accès limité réglementé fir zwee auserwielte Chercheuren. A fir ons ass et awer schonn eng Iwwerleeung wäert gewiescht, an déi hu mer och gemaach an onser Fraktioun, well d'Recherche domadder net fräi ass, wat fir ons prinzipiell e Problem ass, well mer ons an eng Situatioun setzen, wou mer ons kënnen eben de Reproche gefale loossen, datt d'Recherche net objektiv ka garantéiert ginn an d'Liberté scientifique net ginn ass. Dat ass e bëssen déi Versioun, déi eng extrem, déi de Kolleeg Bodry virdrun ernimmt huet.

Mir befannen eis hei e bëssen an enger Situatioun, wéi wa mer e Choix misste maachen tëschent engersäits der Garantie vum Dateschutz fir all eenzel Privatpersoun, an anerersäits der Garantie vun der fräier an objektiver Recherche. Eng vun deenen zwee... Oder vläicht an dëser ausgewielter Solutioun: Déi zwou mussen e bësse vun hirem opginn.

Et ass en delikate Sujet. Mir stëmmen nawell dem Prinzip zou, datt den Ëmgang mam Dateschutz vun der privater Persoun all Garantië muss bewaren. Et ass eng Fuerderung, déi oft an och an aneren Dossiere priméiert. An et schéngt ons logesch, datt mer schlussendlech hei keng Ausnam zu deem Prinzip maachen, trotz gesetzlecher Derogatioun, fir déi historesch Opschaffung vun deem wichtegen Deel vun der Zäitgeschicht kënnen ze maachen.

Dat zweet Uleies war fir ons den Droit d'accès un Date vun deene jeeweilege concernéierte Persounen. Déi Persounen, déi fichéiert gi sinn, datt déi déiselwecht bleiwen, vun deene Leit, déi schonn ugefrot hunn a kucke waren, an deene Leit, déi elo vläicht nom Ufank vun der Expertemissioun och nach wäerten ufroen.

Mir wësse jo schonn, datt vill Leit Ableck haten. A mir sinn der Meenung, datt déi Méiglechkeet muss kënnen onageschränkt bleiwe fir déi ganz Period, a sengem Dossier, a senge Fichieren Asiicht ze hunn. Et muss och der Persoun, déi an dësem Kontext fichéiert ass, kënne fräigestallt ginn, iwwer hire Fichier ze communiquéieren, esou wéi si et fir wichteg a richteg fënnt.

Schlussendlech ass et fir ons wichteg a richteg, datt och gegebenenfalls d'Données personnelles ebe verschafft gi vun deenen Expert-historienen an datt déi och dem Archivegesetz no traitéiert ginn, och wann eben déi perséinlech Donnéeë geschwäerzt musse ginn. Deen Deel, deen herno an d'Archive kënnt, bleift awer herno e wichtegen Témoignage vun deem, wat geschitt ass. An doduerch, datt et e wichtegen Témoignage ass vun deem, wat geschitt ass a wat net méi dierf zréckgeschéien, huet dat schonn en historesche Wäert.

An domadder ginn ech och d'Zoustëmmung vun onser Fraktioun.

Une voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci, Madamm Loschetter. Als nächste Riedner hunn ech den Här Fernand Kartheiser ageschriwwen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem ech elo d'Dokumenter zu dësem Gesetz gelies hunn an all menge Virriedner nogelauschtert hunn, hunn ech den Androck, datt ech sielen an enger Situatioun an dëser Chamber war, wou esou vill Konfusioun, esou vill Onsécherheet, esou vill Duerjernee war bei engem Gesetz, wéi bei deem heiten!

Et ass jo emol net kloer, zu wat et wierklech déngt a wéi et soll libelléiert sinn, wat den Zweck ass. D'Leit schwätze vun „Zwëschemodell", vun „Gratwanderung", vun engem „schwieregen Equiliber". Et ass eng Konfusioun.

Wat ass Sënn an Zweck vun dësem Gesetz? Mir haten an der Commission d'enquête iwwert de Geheimdéngscht e kloren Optrag: Dat wor d'Konservatioun, d'Klassifikatioun, den Inventaire vu Fichen. Do ass och näischt gesot gi vun externen Experten. Et ass guer näischt gesot gi vun deem, wat soll gemaach ginn. An domadder wore mir och d'accord, well dat hat natierlech an deem Kontext, wou mer waren, e kloren Zweck an e politeschen Hannergrond.

Mä elo ass eppes anescht dorauser entstanen, eng aner Fro, déi eigentlech iwwert d'Mandat vun där Commission d'enquête wäit eraus geet. Elo maache mer dann eng Enquête op en Espionnage, la vie et les activités politiques, wat do gemaach ginn ass am Kale Krich, mat engem Projet de recherche. Dat ass also eppes anescht vun där Ausgangssituatioun, wou mer waren an der Commission d'enquête.

A fir eis stelle sech emol am Ufank vun der Diskussioun dräi Froen.

Déi éischt Fro ass: Wann een dann esou e Projet de recherche wëllt maachen, d'Méthode opérative kucken, géif dann iwwerhaapt dat Archiv, wat elo zur Verfügung gestallt gëtt, näämlech déi Données personnelles, duergoen, fir dat ze maachen, wann een dat da wéilt maachen? D'Äntwert ass kloer: Neen, well d'Méthode opérative vun engem Geheimdéngscht am Kale Krich geet iwwer Fiches personnelles eraus. Also, dat heescht net, datt mer elo der Meenung wären, aner Archive sollten opgoen ouni legal Basis. Och dat misst eng separat Diskussioun sinn.

Déi zweet Considératioun ass: Déi Iddi eleng, fir hei vun alle Parteien ze héiere vun engem Espionnage politique, dat ass dach schonn eng politesch Viragehollenheet géintiwwer engem Resultat vun enger Enquête! Firwat schwätzt een net vun Observatioun? Firwat schwätzt een net vu Surveillance? Firwat schwätzt een net vun Aktivitéite vum SREL?

Et gëtt direkt emol ënnerstallt, datt eng Activité d'espionnage war, wat eng politesch orientéiert Stellungnam ass. An dat gëtt dat nach mat der Stasi, mat der Gauck-Behörde verglach, wou mer op där enger Säit en Onrechtsstat hate mat politescher Dénonciatioun, mat Prisong, mat Ënnerdréckung, wéi dat an der DDR de Fall war, an op där anerer Säit hei Lëtzebuerg als fräien demokratesche Stat, wou vläicht net alles richteg gelaf ass, mä ouni déi Ënnerdréckungsmaschinerie, déi mer aus dem Warschauer Pakt kannt hunn.

Ech hunn den Androck, datt verschidde Leit, wa se iwwert de Kale Krich schwätzen, ënner Amnesie leiden. Hu mir dann hei vergiess, wat dat geheescht huet, de Kale Krich? Dat wor e Krich. Et wor e Kale Krich, mä et wor e Krich. Et wor eng Ënnerdréckung. Et wor e Block vu Länner, deenen hir Ugrëffspläng géint eis um Enn vum Kale Krich publizéiert goufen. An hei gëtt esou gemaach, wéi wa keng Gefor bestanen hätt.

An déi drëtt a fundamental Fro ass déi, ob déi Démarche, déi elo hei gewielt ginn ass vun der Regierung, dann net nach eng Kéier d'Privatsphär vun deene Leit violéiert, déi deemools schonn ënner Observatioun stoungen - hei gëtt gesot, ënner Spionage -, ob mer net de Risiko vun enger Reviolatioun vun der Privatsphär hei leiden, an ob net den Usaz gewiescht wär, nodeem mer den Optrag vun der Commission d'enquête erfëllt hätten, fir einfach eng Destruktioun vun deene Fichieren ze maachen, fir hir Privatsphär definitiv ze schützen.

Wa mer elo Projet-de-recherchë maachen, wéi dat elo hei virgesinn ass, da musse mer emol e puer Konditiounen anhalen. Dat Éischt ass: Natierlech ass d'Roll vun de Geheimdéngschter e wichtegen Deel aus der Geschicht vum Kale Krich a muss gekuckt ginn, wann een dat da wëllt - an ech mengen, et ass sënnvoll, et ze kucken -, mä d'Mandat muss kloer an éierlech sinn. Et muss kloer sinn, wat d'Zil ass, net wéi hei, wou probéiert gëtt, alles esou hallef ze maachen an e bëssen an dann nach de Risiko ze lafen, fir d'Privatsphär erëm ze verletzen.

Et muss ee wëssen, ob een hei den Optrag vun der Commission d'enquête wëllt erfëllen - dofir brauche mer keng extern Experten, dofir brauche mer keng Projets de recherche - oder ob et ëm eng Geschicht vum SREL geet. An dat ass dann e ganz aneren Exercice, mä dee kann hei net erfëllt ginn an där Form, wéi mer et haut proposéiert kréien.

Dat Zweet ass: Den historesche Kontext muss respektéiert ginn. An am Gesetz steet am Artikel 3.(2), de Contexte géopolitique misst zur Interpretatioun erugezu ginn. Datselwecht gëllt fir d'allgemeng Praxis vun de Geheimdéngschter an Europa an an Amerika a fir de Modus Operandi. Och dat muss an der Konditioun vun der Zäit gekuckt ginn, an net mat de politeschen Ae vun 2016.

Déi ausgewielten Historiker mussen héije wëssenschaftleche Kritären entspriechen. Si mussen d'Land an d'Sprooche kënnen. Am Gesetz steet keng Konditioun an deem Sënn. A si mussen eng Méthodologie respektéieren, déi den Numm verdéngt. Mir hate Rapporten hei a leschter Zäit an der Chamber, déi sech wëssenschaftlech nennen, awer elementaren Usprëch vun der wëssenschaftlecher Méthodologie net gerecht si ginn.

Déi Historiker sollen eng Clearance hunn. Wat heescht déi Clause de confidentialité, déi elo virgeschriwwen ass? Wa Geheimnisser verrode ginn, wann d'Privatsphär vu verschiddene Leit violéiert gëtt duerch déi Leit, wat sinn dann d'Konsequenzen, wa se just eng Clause de violation oder eng Clause de confidentialité do ënnerschreiwen an déi da violéieren? Ass dat iwwerzeegend?

Bräichte se net awer eng Clearance? Si komme mat Geheimnisser, net nëmmen eventuell lëtzebuergesche Geheimnisser, och déi vun auslänneschen Déngschter, a Kontakt, an da gi mir hin a mir erlaben en Zougang zu lëtzebuergeschen an eventuell auslänneschen Informatiounen, ouni gewësse Sécherheetsufuerderungen ze verlaangen. Och dat ass net seriö. Wéi sti mir do géintiwwer auslännesche Geheimdéngschter, wa mir do Donnéeën, sensibel Donnéeën eventuell, einfach Leit ginn, déi keng Clearance hunn, wou mer d'Vertrauensverhältnis vun deene Leit net virdru gekuckt hunn?

D'Mataarbechter vum SREL kënnen hëllefen, wa se gefrot ginn, fir ze hëllefen. Anerersäits seet d'Gesetz am Artikel 3.(11), datt den Direkter vum SREL responsabel fir den Traitement vun den Donnéeën ass. Wéi kann en Direkter responsabel fir den Traitement vun Donnéeë sinn, wa seng Mataarbechter bei deenen Aarbechten emol net kënnen derbäi sinn, wa se net extra invitéiert ginn? Onrealistesch!

D'Mataarbechter vun den Nationalarchiven, déi kënnen awer dauernd derbäi sinn. Hunn déi dann eng Clearance? Wéi ginn déi ëm mat Statsgeheimnisser, déi se eventuell kennelèieren? Wéi ginn déi ëm mat privaten Donnéeën, déi se gewuer gi vu Leit, déi nach liewen, a mat Donnéeën, déi eventuell duerch Violatioun vum Bankgeheimnis oder anere Saache gesammelt goufen? Och dat ass net kloer.

D'Resultater vun der Recherche, déi kënnen einfach esou publizéiert ginn. Do gëtt sech op en abstrakte Prinzip beruff, d'Liberté de la recherche, deen net spezifiéiert ass. En interessant Konzept. Ech kann dat hei elo net diskutéieren, well mer d'Zäit feelt.

Mä wéi ass et mam Schutz vun der Privatsphär? Wéi ass et mam Schutz vu Statsgeheimnisser? An da komme mer hin, an da steet an engem Gesetz: D'Experten definéieren, wat den Intérêt historique national ass. Wou... A wéi engem Land gëtt et dat?

Hei ass eng Kommissioun, do sëtze Proffe vun der Uni dran, da ginn do Experten, zwee oder méi, en Team, wou net gesot ass, wéi eng Qualifikatiounen déi mussen hunn, an dann definéieren déi Experten ouni staatlech Awierkung, wat en Intérêt historique national ass. Et ass d'Aufgab vun enger Regierung an d'Verantwortung vun enger Regierung, fir dat festzeleeën, an net vun iergendwelchen, ouni se wëllen ze dénigréieren, et si vläicht ganz kompetent Leit... Mä hei stielt sech d'Regierung aus enger Verantwortung, fir ze definéieren, wat den Intérêt historique national ass a wat net.

Dann ass et fir eis vun essenzieller Wichtegkeet, wann elo déi Données personnelles do sinn an deenen Archiven an d'Experte solle se kucken - déi Experten hu weider kee Recht, fir an d'Privatsphär vun de Leit wullen ze goen -, firwat gi mer dann net de Leit d'Méiglechkeet, selwer ze décidéieren, ob se den Experten Zougang zu hiren eegenen Donnéeën erlaben oder net? Hei gëtt dat virausgesat.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

An dat, wat déi Parteien, d'Gambia-Parteien eigentlech dem Stat fréier reprochéiert hunn, datt de Service de renseignement d'Privatsphär vun de Leit violéiert hätt - illegal, gëtt gesot -, dat maache se dach hei och! Firwat gitt Der net de Leit d'Méiglechkeet, déi Fichen an den Archiven hunn, selwer ze décidéieren, ob d'Experten hir Fichë kënne kucken oder net? Dann hätt Der d'Privatsphär respektéiert! Da wäert Der kredibel! Elo sidd Der et net, well Dir maacht datselwecht an enger anerer Form wéi dat, wat Der deenen anere virdru reprochéiert hutt: Dir gitt privat Donnéeë vu Leit eraus!

Dann, an de Konklusioune vun der Commission d'enquête steet ausdrécklech en Droit à l'oubli. An den Droit à l'oubli, dat heescht fir eis d'Zerstéierung vu privaten Donnéeën an net nach hir Konservéierung an ech weess net op wéi vill Joer, dat ass net preziséiert. Mä op jidde Fall ass och do eng Kontradiktioun an dem Optrag vun der Enquêtëkommissioun, deen Droit à l'oubli gesot huet, an deem, wat elo hei geplangt ass.

Fir eis ass kloer: Mir verschléissen eis kenger wëssenschaftlecher Recherche: mat enger klorer legaler Basis, engem klore politeschen Optrag, enger klorer politescher Verantwortung. Wann hei Leit identifizéiert kënne ginn, si oder hir Virfaren, da muss den Droit d'opposition existéieren, den Droit à la discrétion, de Respekt virun deene Leit an hirer Privatsphär. An dat ass hei och net garantéiert.

M. Roy Reding *(ADR).-* Très bien!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* An eiser Konklusioun, well ech mengen, leider mat eisen zéng Minutte muss een ëmmer relativ séier sinn, an ech géif zum Beispill iwwert dat Konzept vun der Liberté scientifique vill méi laang hei diskutéieren.

Mä de Mandat ass konfus. De Mandat ass net konform zu deem, wat d'Commission d'enquête parlementaire hei festgeluecht huet. Et geet driwwer eraus an dem Hannergedanken, fir nodréiglech e politesche Prozess géintiwwer dem Geheimdéngscht ze maachen. Et mengt ee bal, wéi gesot, d'Leit géife bewosst verkennen, wat de Kale Krich war. Oder Verschiddener wëlle vläicht hir eege Vergaangenheet hei e bësse schéischwätzen.

Et sinn am Kale Krich Leit ginn... Et gëtt ëmmer gesot, déi wären à aucun moment eng Gefor gewiescht. Et goufen der, déi eng Fënneft Kolonn wollte sinn! Et goufen der, déi eise Gesellschaftssystem an eis demokratesch Fräiheeten a Fro gestallt hunn! Et goufen der, déi eng Gefor fir eis demokratesch a fräi Gesellschaft woren! Loosse mer et net vergiessen.

Mä dat, wéi hei domadder ëmgaange gëtt, mat deem Héritage, dat ass liichtfankeg. Wéi gesot, de Stat riskéiert hei eng zweete Kéier, d'Privatsphär vun deene Leit ze verletzen. Dat ass eppes, wat mir net wëllen ënnerstëtzen. Mir riskéieren, eist Vertrauensverhältnis zu auslännesche Staten op d'Spill ze setzen.

Une voix.- Hoho!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Mir riskéieren en irresponsabelen Ëmgang mat perséinlechen Donnéeën. An dat seet d'Commission nationale pour la protection des données: «Elle regrette (...) le manque de précision dans le projet de loi quant aux conditions et modalités d'utilisation des données par les experts pendant leur mission.» Eng Regierung, déi sech uschéckt, heihinnerzekommen an ze soen: „Et ass dach schlëmm, wat geschitt ass," - a si huet recht, wann dat wouer ass - „datt do privat Donnéeë gesammelt gi sinn!", a si mécht haut u sech d'Dier op, fir eng zweete Kéier d'Violatioun vun de private Rechter vun de Leit ze erméiglechen, déi huet wierklech kee Grond, houfreg op hir Aarbecht ze sinn!

Ech soen Iech Merci.

M. Roy Reding *(ADR).-* Très bien!

(Hilarité et interruptions)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* De leschte Riedner ass den...

(Interruption)

M. Roy Reding *(ADR).-* Dat ass ganz richteg!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* De leschte Riedner ass den Här Marc Baum fir déi Lénk.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Dat ass just de Contraire vun deem, wat den Här Gibéryen an der Kommissioun sot.

Une voix.- Genau de Contraire!

(Brouhaha)

Une autre voix.- Dir hutt dee matgedroen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* ...steet net am Rapport.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Am Rapport ass d'Zerstéierung net virgesinn, just de Contraire: d'Klassifizéierung an den Inventaire! An den Inventaire, deen zerstéiert een net!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Mä den Droit à l'oubli steet do. An Dir respektéiert deen net!

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Kuckt d'Konklusiounen! Dir vermëscht Saachen hei mateneen, wéi Der andauernd Saache vermëscht. Sécher!

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Wann ech heihikommen, liesen ech...

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Dat ass Är Spezialitéit!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* An elo huet just den Här Baum d'Wuert. Här Baum, fänkt un!

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Merci, Här President.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Et ass de Geck mam Här Gibéryen gemaach, dat do.

(Interruption)

Domadder hutt Der och keng Problemer.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Här Bodry, haalt wann ech gelift d'Diskussioun um politeschen Niveau,...

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Jo, jo.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* ...amplaz mat déplacéierte perséinleche Bemierkungen ze probéieren, politesch ze sinn.

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Ech weisen Är Kontradiktiounen op. Dat hutt Der net gären, gell Diert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR).-* Ech hu guer näischt dergéint, wann Dir Kontradiktiounen opweist, wa se politesch korrekt sinn, wëssenschaftlech stéchhalteg an net op engem niddrege perséinlechen Niveau.

M. Claude Haagen *(LSAP).-* Här Baum, setzt Iech duerch! Setzt Iech duerch!

(Brouhaha)

M. Alex Bodry *(LSAP).-* Ech soen nach eng Kéier: Dir sot hei de Contraire vun deem, wat den Här Gibéryen matgemaach huet an der Kommissioun.

Une voix.- Neen, nach net.

Une autre voix.- Dat sidd Dir net.

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Voilà. Här President, fir dann och nach mäi Pefferkär hei bäizeleeën: Wéi mer virun e puer Wochen dat neit SRELs-Gesetz vottéiert haten, géint eis Stëmmen, dunn ass e Reportage um 100,7 gelaf, en Interview mam Charel Hoffmann, dee fréieren, also fréier-fréieren Direkter vum Geheimdéngscht, wou et och iwwer Contre-espionnage gaangen ass. An den Här Kartheiser gëtt jo net midd ze soen, wéi schwéier a wéi geféierlech déi Aarbecht war. An en ass gefrot ginn, de Charel Hoffmann, mat wéi ville Fäll vu Contre-espionnage hien dann an där schwiereger Aufgab ze di gehat hätt. An en huet gesot, datt effektiv senges Wëssens keen esou ee Fall opgedeckt gi wier. Ech kann dat awer net aschätzen; ech sinn en Nogebuerenen zu där Zäit. Ech denke just, et muss ee Saachen och relativéiere kënnen.

Här President, d'Enquêtëkommissioun, déi de 4. Dezember 2012 agesat gouf, hat zum Zil, déi operativ Methode vum SREL zanter senger Grënnung an d'Legalitéit dovunner ze iwwerpréiwen en vue vun engem Rapport mat Konklusiounen, déi der Chamber de 5. Juni 2013 presentéiert goufen. Mir kennen d'Geschicht.

Wärend der Enquête ass d'Kommissioun op Dausende vu Fichë vu Persounen an Organisa-

tioune gestouss, déi vum SREL an de Jore `60 bis 2001 gréisstendeels illegal ugeluecht goufen. Illegal, och schonn zu de Kritäre vun der deemoleger Legislatioun.

De lëtzebuergesche Geheimdéngscht huet also wärend Jore politesch Spionage no banne géint seng Bierger gefouert; géint en Deel vu senge Bierger. Dës Fichë waren Deel vun der Enquête an och Deel vum Rapport. Och wann d'Kommissioun net d'Méiglechkeet an d'Fäegkeeten hat - den Här Bodry huet vu Stéchprouwe geschwat -, se intensiv ze analyséieren, esou ware si nawell Deel vum ëffentlechen Débat. Ganz vill Lëtzebuerger waren dovunner betraff, well se, wéi den Direkter Marco Mille an deem berüümten Aueninterview gesot huet, „net stramm konservativ" waren. Zur politescher Responsabilitéit gehéiert dann och, datt et eng Äntwert ginn ass vum Premierminister, deem deemolegen, dee gesot huet: „Jo, jo." Dat heescht, en Ageständnis vun där doter Praxis.

Eng vun den immediatste Konsequenze vun deem Rapport, zu deem, wéi gesot, och dësen Deel vun de SREL-Archive gehéiert huet, war d'Opléisung vum Parlament an d'Ausruffe vun Neiwahlen, déi zu där heiteger politescher Koalitioun gefouert hunn. Et war en historesche Moment, egal wéi een dee bewäert.

Dee Rapport, dee vun de Parteien, déi och elo an der Regierung sinn, guttgeheescht gouf, hat eng Rëtsch Recommandatiounen; dorënner hu sech déi zwou éischt direkt op d'Fichë bezunn. An zwar gouf festgehalen, datt: éischtens, dat Ganzt, «l'ensemble des documents et informations», dat Ganzt un Dokumenter an Informatiounen, déi an där Datebank wieren, eng historesch Bedeitung hätt a se duerfir op kee Fall, «en aucun cas», zerstéiert dierfte ginn; zweetens, dës Datebank un d'Nationalarchive sollt goen; fir, drëttens, Konservéierung, Klassifizéierung an Inventariséierung, mam Zil, fir se fir historesch an administrativ Zwecker ze benotzen; an natierlech, véiertens, datt déi Betraffen dës Dokumenter consultéiere kéinten.

D'Kommissioun war also fest iwwerzeegt vun der Noutwendegkeet vun der historescher Opaarbechtung vun dëse Fichieren an domadder och vun der Opschaffung vun der Roll vum Geheimdéngscht oder vun engem Deel vun der Roll vum Geheimdéngscht an a kuerz nom Kale Krich.

Här President, mir mengen, datt dëse Gesetzestext, dee mer virleien hunn, där Ambitioun net gerecht gëtt. Jo, e riskéiert souguer a verschiddene Beräicher Fakten ze schafen, déi irréversibel sinn.

Entgéint deem, wat ee kéint mengen, geet et bei dësem Gesetzesprojet manner ëm den Erhalt oder d'Konservéierung vun deenen Donnéeën, wéi ëm d'Méiglechkeet, se ze zerstéiere respektiv se erëm an de Besëtz vum SREL zréckzeiwwerféieren.

En Expertegrupp aus Chercheurs historiens huet déi duebel Aufgab vum, éischtens, Tri vun den Donnéeën a vun, zweetens, engem wëssenschaftleche Rapport vum Inhalt vun deenen Donnéeën aus der Datebank. Zum Tri vun den Donnéeë gehéiert, datt als Éischt déi Informatioune vun der Datebank, déi vun auslännesche Servicer oder Organisatioune komm sinn an deenen hir Propriétéit et ass, an déi Dokumenter, déi de SREL elo nach brauch fir d'Weidererfëllung vu senge Missiounen, datt déi erëm sollen un de SREL zréckgoen.

A wien tranchéiert dat wuel? Ma wuel éischter de SREL selwer, well, wéi de Statsrot scho bal zynesch seet: «Le Conseil d'État voit en effet mal des experts-historiens décider des besoins actuels du SRE sans l'assistance de ce dernier.»

Als zweet Element vum Tri ginn dann all déi Donnéeën, wou den Expertegrupp fënnt, datt se net engem Intérêt historique national géifen entspriechen, zerstéiert. Mä dat ass awer eng komesch Notioun: den Intérêt historique national. A wien definéiert, wat dat dann ass? An dësem Fall den Expertegrupp selwer!

An och hei kann ee sech, zesumme mam Statsrot, just wonneren, well et eng onkloer Notioun ass, déi gegebenenfalls iwwert d'Destruktioun vun Donnéeën entscheet. Eng Notioun, déi och net am Gesetzesprojet 6913 iwwert den Archivage virkënnt. Et ass also net d'Logik vum Archivéieren oder Erhalen, déi priméiert, mä eng, déi d'Dier wäit opmécht zu duerchaus willkürlechen Interpretatiounen.

De Statsrot gesäit dat och esou a schreift: «L'appréciation (...) de la notion utilisée (...) „intérêt historique national" (...) risque d'évoluer dans le temps et partant comporte le risque majeur de vouer à la destruction des données apparemment de peu d'importance à l'heure du tri, mais qui pourraient se révéler cruciales plus tard.»

An hirem Avis zum Gesetzesprojet iwwert den Archivage, den 6913, begréisst d'Associatioun vun de Bibliothécairen, Archivisten an Dokumentaristen d'Kritären, déi an deem dote Gesetz sinn, wat mer virleien hunn, mä wou de Statsrot nach keen Avis dozou ginn huet. Déi Kritären, déi do drastinn, ginn ausdrécklech begréisst, well se en Arbitraire versichen, esou gutt wéi et geet, auszeschléissen. En Arbitraire, deen awer och schonn an der Vergaangenheet zu der Zerstéierung vun Dokumenter gefouert huet, wourobber d'ALBAD, d'Organisatioun och opmierksam mécht. An hei, hei komme just déi Dokumenter, déi deen doten Tri iwwerstinn, dann an d'Nationalarchiven a bleiwe fir d'Fuerschung zougänglech.

Et gëtt zwar e Rapport vun den Experte gemaach, deen alleguerten d'Dokumenter berücksichtege soll, mä spéitstens sechs Méint duerno verschwënnt een Deel vun den Dokumenter dann erëm an de SREL an en aneren Deel gëtt zerstéiert. Wéi grouss déi Proportioune sinn a wéi grouss domadder iwwerhaapt nach dat ass, wat der Nowelt erhale bleift, dat ass am Moment iwwerhaapt net ofzegesinn!

Här President, historesch a wëssenschaftlech Fuerschunge sinn awer ënnert deenen dote Konditioune schwéier méiglech, well e wichtege Bestanddeel vu wëssenschaftlecher Recherche ass d'Iwwerpréifbarkeet vun Donnéeën. Awer do, wou Sourcë feelen, well se eventuell zerstéiert sinn, ass dat och net méi dran.

Och do huet de Statsrot zu Recht den ursprénglechen Titel vum Gesetz a Fro gestallt, wéi en am Ufank geheescht huet: «régissant les archives historiques du Service de renseignement de l'État». An de Statsrot seet: Dat sinn net d'Archiven, well zu den Archive vum SREL gehéiert nach wesentlech méi! Mä dat, wat hei gemengt ass, ass d'Auswäertung vu just enger begrenzter Zuel vu Fichen, déi am Kader vun der parlamentarescher Enquête saiséiert goufen.

Also der Analys vun deem Expertegrupp gehéiere just déi fonnten Dokumenter un an net de SREL-Archiv. Also, et ass och keng historesch Analys iwwert de SREL, wou een déi awer eventuell bräicht, déi Archiven, fir kënnen Zesummenhäng festzestellen. Zesummenhäng, wou et am Exposé des motifs vum Gesetz heescht, datt et drëm géif goen: «le cheminement qui va du recueil de l'information à la prise de décision, constitue une deuxième dimension de l'analyse du renseignement. (...) Cette approche (...) permet dès lors de reconstituer l'écheveau complexe des processus de décision en politique étrangère et d'analyser les facteurs géopolitiques et économiques des années 1960 à 2001.»

Mä ech froen: Wéi soll dat do méiglech sinn, mat enger just ageschränkter Datelag an net mat engem Accès zu de SREL-Archiven? Wéi soll de Wee da kënnen analyséiert gi vun der eenzelner Informatioun, déi recueilléiert ginn ass, bis zum politeschen Décisiounsprozess? Well duerfir misst een dach aner Archive gesinn och vun aneren Institutiounen. Dëst ass awer net den Optrag an de Champ d'étude vun dem Expertegrupp.

Här President, mir fäerten, datt hei esou gemaach gëtt, wéi wann et ëm d'wëssenschaftlech historesch Opaarbechtung vun den Aktivitéite vum Geheimdéngscht aus de Joren 1960 bis 2001 géif goen. Mir mengen, datt esou eng Opaarbechtung zu historeschen Zwecker, ënnert deenen dote Viraussetzungen, awer ganz schwéier méiglech ass! An datt se virun allem zukünftege Fuerschungen duerch d'Méiglechkeet vun der Zerstéierung entzu gëtt, well hei de gesetzleche Kader dofir geschafe gëtt.

Mir liesen aus deem heiten Text, vum Exposé des motifs iwwert d'Prozedur vun der Nominatioun vum Expertegrupp bis zu den Dispositiounen iwwert d'Weiderverwendung vun där Datebank, iwwerdäitlech d'Handschrëft vum Geheimdéngscht eraus. Mir mengen, datt hei geheimdéngschtlech Considératiounen iwwerweien an Iwwerleeungen iwwerweie par rapport zu historeschen.

De Rapporteur huet säi Rapport domadder opgehalen, datt e gemengt huet, datt an dësem Fall en onrüümlecht Kapitel zougeschloe géif ginn. Mir mengen, datt historesch Aarbecht awer grad doranner besteet, Kapitelen, och wa se onrüümlech sinn, opzeschloen an ze erfuerschen. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci och. An d'Wuert huet direkt de Premier- a Statsminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.-* Villmools Merci, Här President. Dëse Gesetzesprojet iwwert d'Archive vum Service de renseignement ass jo am Fong eng Optragsaarbecht, déi d'Regierung kritt huet vun enger parlamentarescher Enquêtëkommissioun, déi an hirem Rapport vum 5. Juli 2013 déi Saache recommandéiert huet.

Ech stellen och fest - dat, wat den Här Bodry virdru gesot huet -, dass tatsächlech am Ufank an de Konklusioune stoung: «que ces documents ne devraient en aucun cas être détruits». Dat war an de Konklusioune vun der Kommissioun!

Haut gëtt gesot, et soll alles zerstéiert ginn, direkt. Tatsächlech, dat steet hei schwaarz op wäiss, dat ass net eng Erfindung vum Deputéierte Bodry. Dowéinster sinn ech e bëssen och iwwerrascht iwwert déi Interpretatioun, déi haut da gemaach gëtt, dass een iwwerhaapt näischt soll halen an direkt alles soll zerstéieren.

Firwat? Ech ginn elo net méi op den Detail an iwwert déi dräi verschidde Kategorien. Ech mengen, verschidde Leit hunn et och scho gesot. Mä et sinn deemools Saache geschitt, déi net an der Rei waren.

Ech war als Member vun där Kommissioun mat an de Keller. Mir hunn do festgestallt, dass Leit ënner Observatioun waren, wann Der et esou wëllt nennen, op jidde Fall um Radar ware vum Service de renseignement, déi sech wierklech näischt virzewerfen haten. Mä einfach, well een eng Kéier a Russland war, a Rumänien war, well ee Kontakt hat mam Centre Pouchkine oder op engem Concert war, dat ass duergaangen deemools, fir kënne vum Service de renseignement op d'mannst op de Radar gesat ze ginn. Dat ass eng Tatsaach. An ech mengen, dass et ganz, ganz wichteg ass, dass mer och déi Saachen, dee politeschen Espionnage, wann een dat och esou wëllt nennen, op jidde Fall dat ënnerbannen.

Déi Donnéeën, déi perséinlech Donnéeë si vun 1960 bis 2001 - dat ass net wärend e puer Joren, mä vu 1960 bis 2001 - vum Service de renseignement gesammelt ginn an déi sollen ebe vun deem Grupp vun Experten historesch a wëssenschaftlech och ausgewäert ginn.

Ech hat a menger Deklaratioun, Här President, den 10. Dezember 2013 iwwert de Regierungsprogramm jo och schonn ugekënnegt gehat, dass all d'Regierungsparteien de Wëllen haten, sech de Recommandatioune vun der Enquêtëkommissioun och unzeschléissen an déi gesammelt Donnéeën enger Analys ze ënnerzéien an e spezifescht Gesetz zu dësem Zweck auszeschaffen. Dat ass d'Resultat vun deem Text, dee mer haut an der Chamber och stëmmen.

Dëst Spezialgesetz dréit dobäi zwou Exigenze Rechnung, déi an onsen Ae ganz, ganz wichteg sinn: Dat ass de legitimme Schutz vun der Privatsphär an d'Recht vun der Allgemengheet an och vun deene Betraffenen, ze wëssen, ënner wéi enger Form an a wéi engem Ausmooss justement tëschent de Joren 1960 an 2001 et zu politescher Iwwerwaachung och zu Lëtzebuerg komm ass.

Ech ginn elo net drop an op den Appel à candidatures, mä fir eis ass et immens wichteg, dass mer mat der Chamber an och zesumme mat der Uni Lëtzebuerg a mat der Regierung do dee Grupp, dee Comité d'évaluation hunn.

Mir sinn der Meenung, dass dat näämlech och de Garant ass, Här President, dass dee Projet am beschten den Ufuerderungen och vun der Enquêtëkommissioun kann entgéintkommen an dass och déi bescht akademesch Standarden hei respektéiert ginn. Ech mengen, dass et am Intérêt och vun der Aarbecht ass.

Jo, mir mussen an eis och kucken. Mir sollen aus der Geschicht och d'Lektioune léieren. Dofir si mer der Meenung, dass déi heiten Aarbecht net vu Muttwëll ass. Et ass eng Responsabilitéit vun eis alleguerten, ze wëssen, vu wou mer kommen, fir och ze wëssen, wouhi mer ginn.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Domat si mer um Enn vun den Diskussiounen zum Projet de loi 6850 a mer kënnen zu der Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6850 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 59 Deputéierten hunn un der Ofstëmmung deelgeholl. 54-mol Jo a 5-mol Neen. Domat ass de Projet ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6850 est adopté par 55 voix pour et 5 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par M. Marcel Oberweis), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Nancy Arendt), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar (par Mme Diane Adehm), Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn domat um Enn vun eisen Aarbechten ukomm a mer gesinn eis erëm muer de Mëtteg ëm zwou Auer. Merci an e schéine Rescht vum Owend nach!

(Fin de la séance publique à 20.52 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram